N°2464
Entrée le 09.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier
ministre, chargée des Médias et de la
Connectivité

**Äntwert vun der Delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE, a vum Sportsminister, Georges MISCHO, op d'parlamentaresch Fro n° 2464 vum 16. Juni 2025 vum honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT.**

1. **Wéi bewäert d'Regierung de selektiven Ausschloss vun engem Journalist vun enger ëffentlecher Presseronn?**

   Fir d'Regierung ass esou e selektiven Ausschloss vun enger ëffentlecher Pressekonferenz inakzeptabel. D'Regierung betruecht dëst als en Tëschefall, deen ee ganz eescht muss huelen, well en d'Pressefräiheet net respektéiert. Och wann d'FLF eng onofhängeg Associatioun ass, ass et wichteg, datt si als Empfänger vu Steiergelder a Vertriederin vun eisem Land op internationalem Niveau hirer Virbildfunktioun a Vermëttlerin vu wichtege Wäerter grad un d'Jugend gerecht gëtt.

   Dofir veruerteelt d'Regierung esou Mesuren, déi géint d'Prinzipie vum Pluralismus, dem fräie Meenungsaustausch an der Onofhängegkeet vun der Press verstoussen. Pressefräiheet bedeit och, datt Journaliste kënnen onerwënscht Meenungen ausdrécken – ouni Angscht viru Repressalien oder Zougangsbeschränkungen.

2. **Plangt d'Regierung eng kloer Richtlinn oder e Verhalenskodex fir ëffentlech finanzéiert Organisatiounen anzeféieren, déi de Prinzip vun der Mediefräiheet a gläichberechtegten Zougank fir all Journaliste mat sech bréngen?**

   An engem Rechtsstaat wéi dem Grand-Duché vu Lëtzebuerg ass d'Pressefräiheet scho kloer an onëmgänglech duerch d'Verfassung an duerch d'Gesetz vum 8. Juni 2004 iwwert d'Fräiheet vun der Meenungsäusserung an de Medie garantéiert. Dës legal Grondlage schützen och explizitt déi kritesch Stëmmen vun de Journalisten, déi fir e gesonden a pluralisteschen ëffentleche Debat onersetzbar sinn. D'Regierung erwaart vun den Organisatiounen hei am Land, besonnesch déi ëffentlech Gelder kréien, datt dës Grondwäerter an demokratesch Prinzipien héichgehale ginn. Dës Erwaardung wäert d'Regierung weider kloer kommunizéieren, souwuel an de Medien, wéi och am direkten Austausch mat de concernéierten Acteuren.

   D'Regierung ënnerstëtzt dowéinst d'Ustrengunge vun der FLF fir e Wäerter- a Verhalenskodex z'entwéckelen, deen och d'Bezéiunge mat de Medie kloer definéiert. Esou e Code kéint hëllefen, fir d'Verantwortung vis-à-vis vun der Gesellschaft méi transparent ze maachen an de Respekt fir d'journalistesch Aarbecht ze verankeren.

3. **Wéi kontrolléiert de Sportsministère d'Ëmsetzung vun demokrateschen a transparente Praktike bei Organisatiounen, déi ëffentlech Finanzéierung kréien? 4. Kënnen ëffentlech Subsiden un Organisatiounen u Konditioune geknäppt ginn, déi de Respekt vun der Pressefräiheet a Meenungsfräiheet garantéieren?**

All Organisatioun, déi ëffentlech Gelder kritt, huet sech prinzipiell un déi fundamentaalt Wäerter vun eiser Demokratie ze halen – dorënner och un d'Presse- a Meenungsfräiheet. Och wann d'FLF eng onofhängeg Associatioun ouni Gewënnzweck ass, déi hir intern Decisioune selwer an onofhängeg trëfft, erwaarden d'Bierger, dass sou eng Organisatioun, déi eng national Roll spillt a vum Staat finanzéiert gëtt, virbildlech handelt.

De Sportsministère ass aktuell dobäi Konventiounen mat 56 agreéierte Sportfederatiounen z'ënnerschreiwen. Bis elo hu scho 8 Sportfederatiounen déi nei Konventioun ënnerschriwwen, an där d'Rechter an d'Pflichte vun de Federatiounen an dem Sportsministère nach eng Kéier genee opgelëscht sinn. Duerch gefuerdert Rapporten un de Sportsministère kënne d'Efforte vun de Federatiounen och an zentrale Beräicher wéi dem Respekt vu gesellschaftleche Wäerter analyséiert ginn.

Gläichzäiteg schafft de Sportsministère dru, déi chronesch ënnerbesate Federatioune mat zousätzleche finanzielle Mëttelen z'ënnerstëtzen, fir hinnen déi néideg Moyenen ze ginn, hir Missioune voll a ganz kënnen z'erfëllen.

5. **Wat fir Mechanismen existéiere fir ze garantéieren, datt kritesch Berichterstattung net zu Repressalien géint Journaliste féiert?**

D'Regierung huet am Abrëll 2025 den nationalen Aktiounsplang fir d'Sécherheet vun de Journalisten (2025-2028) virgestallt. Dëse Plang berout op de véier Pilieren, déi och vun der Recommandatioun CM/Rec(2016)4 vum Europarot virgesi sinn: Präventioun, Protectioun, Poursuite judiciaire a Promotioun vun der Informatioun, Educatioun an Sensibilisatioun. Am Kader dovun goufen a ginn dës Mesure konkret ëmgesat:

- d'Schafung vun enger Aarbechtsgrupp, déi Vertrieder vun der Press an der Verwaltung zesummebréngt, fir eng reegelméisseg Suivi vun de erausfuerderunge beim journalistesche Schaffen ze garantéieren;
- Sensibiliséierungs- a Formatiounsaktiounen iwwert d'Rechter a Pflichte vis-à-vis vum Informatiounszougang an der Meenungsfräiheet;
- Verstäerkung vun der Iwwerwaachung vu Fäll vun Ausschloss oder Drock op Journalisten, a Zesummenaarbecht mam Presserot. An dësem Kontext sief och drop hinzeweisen, datt de Presserot zu Lëtzebuerg zoustänneg ass fir all Froen am Zesummenhang mat der Meenungsfräiheet an de Medie ze behandelen. De Presserot suivéiert zesumme mat der ALJP och d'Entwécklung vu Fäll vun Intimidatioun oder Drock géintiwwer Journalistinnen a Journalisten a kann Recommandatiounen oder Alarmer erausginn.

D'Zil vun der Regierung ass et, datt Journaliste hir Aarbecht hei am Land kritesch, fräi an ouni Angscht kënnen ausüben.

6. **Wéi plangt d'Regierung ze verhënneren, datt sech änlech Situatiounen an Zukunft widderhuelen, an iwwerdeems d'Autonomie vum Sport ze respektéieren?**

   Aktuell maachen d’Servicer vum Sportsministère sech heizou intensiv Gedanken. Allerdéngs sinn d’Reflexioune betreffend dëser Thematik nach net ofgeschloss.

Lëtzebuerg, den 9. Juli 2025

Déi Delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Connectivitéit

(s.) Elisabeth MARGUE